

## Gemeng Rammerich

# Gemengerotssëtzung vum 7. Juli 2022

### Dagesuerdnung:

- 1.) Deliberatioun iwwer d'Opdeelung vu verschiddene Kadasterparzellen am Hibleck op eng Bebauung.
- 2.) Deliberatioun iwwer déi provisoersch Geneemegung vun enger deelweiser Ännerung vum allgemenge Bebauungsplang vun der Gemeng Rammerich wat eng Parzell an der Rue du Lac zu UESCHDREF ugeet.
- 3.) Deliberatioun iwwer d' Aféierung vun enger Tax als Kompensatioun fir net réaliséiert Parkplazen.
- 4.) Deliberatioun iwwer d'Ëmännerung vum allgemenge Verkéiersreglement.
- 5.) Deliberatioun iwwer d'Schafe vu Posten am Hibleck op d' Astelle vu Gemengenarbechter.
- 6.) Deliberatioun iwwer d' Aféiere vun enger finanzieller Bähëllef fir Eltere vu Kanner am Grondschoulunterrecht fir d' Uschafe vu Schoulmaterial fir de Schoulufank 2022/2023.
- 7.) Deliberatioun iwwer d' Ufro vun engem Spezialkredit am ordinäre Budget: Finanziell Bähëllef fir Eltere vu Kanner am Grondschoulunterrecht fir d' Uschafe vu Schoulmaterial fir de Schoulufank 2022-2023.
- 8.) Revisioun vun der Deliberatioun iwwer d' Geneemegung vun den allgemengen a vun de spezielle Konditioune betreffend d' Juegdpacht an der "Forêt domaniale" an de Lousen "Chenel" a "Rulles Est" fir d' Juegdsaisone vun 2022/2023 bis 2031/2032.
- 9.) Deliberatioun iwwer d' Geneemegung vum Kontrakt iwwer d' Liwwerung vum Béier fir de Centre culturel, de Musée vum "385th Bomb Group" a vun der Buvette zu PÄREL.
- 10.) Ofschlossrechnung: Aarbechten um Kanalisatiounsnetz an den Uertschafte Roumicht, Uewermaartel, Wolwen, Flatzbour, Kimm a Bungeref.
- 11.) Deliberatioun iwwer d' Attributioun vun ausseruerdentleche Subsiden.
- 12.) Deliberatioun iwwer d' Confirmatioun vu verschiddenen dréngenden an zäitlech begrenzte Verkéiersreglementer.
- 13.) Äntwerten op d' Froen un de Schäfferot.
- 14.) Ënner Ausschloss vun der Ëffentlechkeet: Démissioun vun enger Gemengebeamtin.

- 15.) Ënner Ausschloss vun der Ëffentlechkeet: Revisioun vun der Décisioun betreffend déi definitiv Nominatioun vun engem Gemeengefonctionnaire.

## **Un der Sëtzung huelen deel:**

Buergermeeschter- a Schäfferot: Antoine Rodesch (Buergermeeschter, CSV), Myriam Binck (Schäffin, CSV), Mike Bolmer (Schäffen, CSV)

Gemengerot: Michelle Brickler (DP), Sascha Hengen (LSAP), Frank Melchior (CSV), Myriam Picard (LSAP), Pierre Pletschette (CSV), Romain Rausch (DP), Patrick Schuller (LSAP).

Entschëllegt: Sonja Kettmann (CSV)

Gemengesekretär: Marc Pletgen, Redakter: Conny Wantz

## **Rapport vun der Sëtzung:**

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) informéiert de Conseil, datt d'Conseillère Sonja Kettmann (CSV) fir dës Sëtzung entschëllegt ass.

Och freet hien de Gemengerot, op dee mat engem zousätzleche Punkt op der Dagesuerdnung – d'Geneemegung vun engem notariellen Akt – d'Accord ass, wat eestëmmeg ugeholl gëtt, sou datt dës Punkt als 14. op d'Dagesuerdnung gesat gëtt, dat virun d'Punkten déi ënner Ausschloss vun der Ëffentlechkeet diskutéiert ginn.

### **1 Deliberatioun iwwer d'Opdeelung vu verschiddene Kadasterparzellen am Hibleck op eng Bebauung.**

Bei der Deliberatioun iwwer d'Opdeelung vu verschiddene Parzellen am Hibleck op eng Bebauung geet et em d'Opdeele vun engem Terrain vu 14,74 Ar an der Rue de Schwiedelbrouch op zwou Parzellen, fir hei zwee Haiser kënnen ze bauen. Zu Wolwen soll en Terrain an der Rue de l'Église an zwou Parzelle vun 7,36 a 7,32 Ar opgedeelt gi fir hei zwee Appartementshaiser opzeriichten. Zu Éischt an der Haaptstrooss gëtt en alt Bauerenhaus opgedeelt fir d'Scheier als Wunning ze notzen, an an der Rue du Lavoir zu Bungeref ginn dräi Terrainen nach eng Kéier opgedeelt, fir hei insgesamt sechst Bauplazen ze schafen.

Mat dëser Projete sinn all Conseillere d'Accord.

## **2 Deliberatioun iwver déi provisoersch Geneemegung vun enger deelweiser Ännerung vum allgemenge Bebauungsplang vun der Gemeng Rammerech wat eng Parzell an der Rue du Lac zu UESCHDREF ugeet.**

Zu Ueschdref an der Rue du Lac gëtt déi Parzell niewent der Kierch als "zone mixte villageoise" ganz an de Bauperimeter iwwerholl, fir datt hei laanscht d'Rue du Lac däerf gebaut ginn, wärend déi Nopesch-Surface am Osten als "zone de jardins familiaux" grad ewéi och d'Ausweisung vum Duerfkär als "Secteur protégé de type environnement construit" erhale bleift. An dem Kontext weist de Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) drop hin, datt och weider Demanden un de Schäfferot erugedroe gi sinn, déi awer deelweis oder ganz an der Gréngzon draleien, woufir dës Ufroe fir Avis un den Inneministère virugeschéckt gi sinn, an hie verweist op méiglech Ännerungen am PAG bei der Revisioun vun 2025 fir Zonen, déi aktuell an der "Zone verte" leien.

Déi deelweis Ännerung vum PAG gëtt eestëmmeg ugeholl.

## **3 Deliberatioun iwver d'Aféierung vun enger Tax als Kompensatioun fir net réaliséiert Parkplazen.**

Well beim Ëmbau oder Ausbau vu bestoende Gebaier dacks den néidegen Terrain feelt fir déi virgeschriwwe Parkplazen anzeriichten, an duerfir dann d'Baugeneemegung misst refuséiert ginn, wëll de Schäfferot eng Tax als Kompensatioun fir déi net ageriichte Parkplazen aféieren.

Dëst gëllt allerdéngs nëmme fir Ëmännerungen u bestoende Gebaier an net bei neie Projeten. Mat dësem Taxereglement gëtt et erméiglecht, eng Baugeneemegung fir en Ëmbau oder Ausbau och dann auszustellen wann de Raum fir déi am Bautereglement virgesinne Parkplazen net do ass.

D'Tax selwer gëtt op 15.000 € fir eng Parkplaz, op 30.000 € fir zwou Stellplazen an op 60.000 € fir dräi Plaze festgeluecht.

No enger längerer Diskussioun iwver de Sënn vun dësem Taxereglement weist d'Schäffin Myriam Binck (CSV) op déi aktuell Penurie um Wunnengsmaart hin, woubäi an der Gemeng Rammerich verschidde gréisser Gebaier existéieren, déi ee kéint fir méi Familljen ëmbauen, mee wou dann d'Plaz fir d'Ariichte vun de virgeschriwwene Parkplaze feelt.

D'Taxereglement gëtt eestëmmeg ugeholl.

## **4 Deliberatioun iwver d'Ëmännerung vum allgemenge Verkéiersreglement.**

Eestëmmeg geneemegt de Gemengerot dräi punktuell Ëmännerunge vum allgemenge Verkéiersreglement. Sou gëtt an der Industriezon Flatzbour en Einbahnsystem agefouert, an zwar vun der zweeter Entrée an d'Industriezon op der Route de Holtz an Direktioun "Kimm", an an der Ausfaart op d'Route de Holtz kënt e Virfaartsschëld.

Beim PAP "an der Gewan" gëtt den Trafic an zwou Richtunge geleet a bei d'Ausfaarte vun der Rue "an der Gewan" an d'Rue de Hostert an an d'Rue de la Chapelle komme Virfaartsschëlter.

Nodeems de Policekommissariat opgeléist ginn ass, ginn déi bis elo fir d'Police reservéiert Parkplaze fir de Public fräi, d'PME-Parkplaz kënt bei de Parking vun der Gemeng an d'Parkverbuet wéinst der Police-Ausfaart fält ewech.

## **5 Deliberatioun iwver d'Schafe vu Posten am Hibléck op d'Astelle vu Gemengenarbechter.**

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) weist drop hin, datt d'Organisatioun vun de Gemengenequippe verschidde Schwaachstellen opweist, déi verbessert misste ginn. Duerfir sollen d'Equippen nei opgedeelt ginn, engersäits Equippen, déi sech virun allem ëm d'Grénganlage solle këmmern, an andersäits Equippen, déi fir d'Propretéit suerge sollen. Och sollen déi eenzel Equippe fir bestëmmten Dierfer zoustänneg sinn, sou datt si sech mat hirer Aarbecht identifizéiere kënnen. Op déi Aart a Weis solle véier Equippe mat jeweils zwee Mann geschafe ginn.

Donieft misst och d'Equipe am Atelier verstärkt ginn, well ëmmer méi Maschinnen ënnerhale mussen ginn, sou datt een nach e Mechatroniker bräicht.

D'Schäffin Myriam Binck (CSV) geet drop an wéi d'Equippen no verschiddenen Aufgabebereicher sollen opgedeelt ginn, an datt virun allem am gréngen Beräich a bei de Botzequippen eng Verbesserung néideg wier. Och weist si drop hin, datt et mat der Astellung eleng net duergeet, mee datt dann och déi benéidegt Gefierer missten ugeschafft ginn.

No enger längerer Diskussioun wéi vill Posten aktuell besat sinn a wéi vill Posten nei besat misste ginn, an ob een déi gëeegent Kandidate géif fannen, hält de Buergermeeschter fest, datt duerfir e ganz neien Organigramm ausgeschafft géif ginn, dee schon am Prinzip feststeet, mee nodeems d'Plazen ausgeschriwwen si misst een ofwaarden ob a wien sech hei mell, éier een den Organigramm definitiv kann opstellen.

D'Conseillère Myriam Picard (LSAP) wënscht dann en Abléck an den Organigramm fir ze wëssen, wien da woufir zoustänneg ass.

De Virschlag fir d'Schafe vun 2 Poste fir d'Astelle vu Gemengenarbechter ouni Ausbildung an 2 Poste fir d'Astelle vu Gemengenarbechter matt Geselleprüfung gëtt eestëmmeg ugeholl.

## **6 Deliberatioun iwver d' Aféiere vun enger finanzieller Bähëllef fir Eltere vu Kanner am Grondschoulunterrecht fir d'Uschafe vu Schoulmaterial fir de Schoulufank 2022/2023.**

D'Schäffin Myriam Binck (CSV) erënnert drun datt alles méi deier gëtt, an datt Famillje mat Kanner fir de Schoulufank mat méi héijen Ausgaben ze rechnen hätten. Sie weist drop hin, datt d'Léierpersonal festgestallt hätt, datt d'Elteren dacks un der Qualitéit vum Schoulmaterial spueren. Duerfir géif de Schäfferot proposéieren, fir all Kand aus dem Grondschoulunterrecht eng Bähëllef vu 25 € zoukommen ze loossen. Allerdéngs missten d'Eltere mat engem Keessebung noweisen, datt si fir dee Montant Schoulmaterial kaaft hunn.

Och hei gouf et eng länger Diskussioun. Sou huet de Conseiller Sascha Hengen (LSAP) gemengt, iwver de Montant kéint een diskutéieren, an och eng Auswäitung op all schoulpflichteg Kanner gefrot. D'Conseillère Myriam Picard (LSAP) weist op de groussen administrativen Opwand fir 25 Euro hin, freet sech, ob et d'Gemeng eppes ugeet wat d'Leit kafen a proposéiert duerfir éischer e Bong. Si weist op d'Lycéesschüler hin a mengt, wann d'Material qualitativ net gutt genuch wier, da kéint d'Gemeng dat jo selwer uschafen. Weider Diskussiounen hu sech ëm d'Abeséie vun de Secondaires-Schüler, ëm d'Virleeë vum Keessebung, ëm d'Problemer mat der Akzeptanz vu Gemengebongen an de Geschäfte an ëm d'Uschreiwé vun den Eltere vu Secondaires-Schüler gedréint, sou datt schliisslech zréckbehale ginn ass fir all Haushalter unzeschreiwé, de Secondaires-Schüler grad wéi de Kanner aus dem Fondamental e Betrag vu 25 Euro géint d'Virweise vun dem Keessebung zoukommen ze loossen

Domat waren all Conseilleren d'Accord.

## **7 Deliberatioun iwver d'Ufro vun engem Spezialkredit am ordinäre Budget: Finanziell Bähëllef fir Eltere vu Kanner am Grondschoulunterrecht fir d'Uschafe vu Schoulmaterial fir de Schoulufank 2022-2023.**

De Spezialkredit vu 24.000 € fir dës finanziell Bähëllef gëtt eestëmmeg ugeholl.

## **8 Revisioun vun der Deliberatioun iwver d'Geneemegung vun den allgemengen a vun de spezielle Konditiounen betreffend d'Juegdpacht an der "Forêt domaniale" an de Lousen "Chenel" a "Rulles Est" fir d'Juegdsaisonen vun 2022/2023 bis 2031/2032.**

Wéinst verschiddenen textlechen Ännerungen duerch déi belsch Forstverwaltung (DNF) an de Konditiounen vun der Juegdpacht an der "Forêt domaniale" ass d'Deliberatioun aus der leschter Sëtzung eestëmmeg revidéiert ginn.

## **9 Deliberatioun iwver d'Geneemegung vum Kontrakt iwver d'Liwwerung vum Béier fir de Centre culturel, de Musee vum "385th Bomb Group" a vun der Buvette zu PÄREL**

Den neie Konzessiounskontrakt mat der "Brasserie de Luxembourg Mousel-Diekirch", deen d'Liwwerung vum Béier fir de Centre culturel, de Musee vum "385th Bomb Group" a vun der Buvette zu Pärel reegelt, an dee fir 96 Méint gëlt, gëtt eestëmmeg ugeholl.

## **10 Ofschlossrechnung: Aarbechten um Kanalisatiounsnetz an den Uertschafte Roumicht, Uewermaartel, Wolwen, Flatzbour, Kimm a Bungeref.**

Fir d'Aarbechten, déi vun 1998 bis 2022 an den Uertschafte Roumicht, Uewermaartel, Wolwen, Flatzbour, Kimm a Bungeref gemaach gi sinn, läit elo d'Ofschlossrechnung vir mat enger Gesamtzomm vun 6.080.769,18 €. Hei waren ursprénglech Devisë vun 5.829.560,26 € virgesinn, sou datt d'Präisser gréisstendeels agehale gi sinn. Och weist de Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) drop hin, datt fir dës Aarbechten nach Subside vu 479.154,10 € opstinn.

D'Ofschlosskonte ginn eestëmmeg ugeholl.

## **11 Deliberatioun iwver d'Attributioun vun ausseruerdentleche Subsiden.**

Dräi Demande fir ausseruerdentlech Subside ginn eestëmmeg ugeholl, an zwar gi jeeweils 250 € un d'Solidaritéitsaktioun Ukrain vun der Gemeng Recken un der Mess, un d'Entente des Syndicats d'Initiative du Lac de la Haute-Sûre (ESILAC) an un d'Routkräiz-Sektioun vu Colpech (Schlassfest).

## **12 Deliberatioun iwver d'Confirmatioun vu verschiddenen dréngenden an zäitlech begrenzte Verkéiersreglementer.**

Verschidden zäitlech begrenzten dréngend Verkéiersreglementer sinn eestëmmeg nodréiglech confirméiert ginn:

Zu Rammerich an der Rue du Nord, wéinst Uschlossaarbechte vum 16. Juni bis de 7. Juli;

Um Houltz am Réimerwee wéinst Aarbechten um Kanalisatiounsnetz vum 21. Juni bis zum Ofschloss vum Chantier;

Zu Hueschtert an der Haaptstrooss – Rue de Lannen wéinst Aarbechten um ënnerirdische Kabelnetz vum 30. Juni bis den 28. Juli;

Zu Rammerich an der Rue de Roodt, Rue des Artisans, Rue an der Huel wéinst Aarbechte vum 4. Juli bis den 8. Juli;

Zu Foulscht an der Haaptstrooss wéinst Uschlossaarbechte vum 4. Juli bis de 15. Juli.

An deem Kontext weist de Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) drop hin, datt verschidden Entrepreneure sech net un déi entspriechend Reglementer halen, wat ënner anerem Problemer mam Busverkéier a virun allem mam Schoultransport mat sech bréngt.

## **13. Äntwerten op d'Froen un de Schäfferot.**

Et si fir dës Sëtzung keng Froen un de Schefferot geriicht ginn.

## **14 Notariellen Akt.**

En notariellen Akt, mat deem den Här an d'Madamm Rasim Skrijelj-Gusinac en Terrain vun 4 m<sup>2</sup> an der Rue des Prés zu Pärel géint zwou Parzelle vun 2 m<sup>2</sup> resp. 5 m<sup>2</sup> an der selwechter Strooss, déi der Gemeng gehéieren, tauschen, gëtt eestëmmeg ugeholl.

## **15. Ënner Ausschloss vun der Ëffentlechkeet: Démissioun vun enger Gemengebeamtin.**

De Gemengerot accordéiert der Mme Danielle GLAESNER eestëmmig Démissioun vun hierem Posten als diploméiert Erzéierin an der Crèche op den 1. September 2022 an décidéiert dass dës Décisioun ka public gemeet ginn.

## **16. Ënner Ausschloss vun der Ëffentlechkeet: Revisioun vun der Décisioun betreffend déi definitiv Nominatioun vun engem Gemengefonctionnaire.**

Zu dëser Décisioun gi keng Informatiounen öffentlich gemeet.